



Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 06/04/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës dringend parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Aarbecht, Famill an Integratioun & Interieur weiderzeleeden.

Am Kader vun der COVID-19-Pandemie, huet d'Regierung d'Decisioun geholl, fir d'Entreprises an dëse schwéieren Zäiten z'ënnerstëtzen. Eng vun dëse Mesuren ass de Chômage partiel. De Chômage partiel ka souwuel vun Employéë mat engem CDI, wéi och vun deene mat engem CDD ugefrot ginn.

Fir verschidde Leit, déi sech aktuell an engem CDD oder Interimskontrakt befannen an, erginn sech aus dëser Situatioun gewëssen Onsécherheeten.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Am Fall wou de Chômage refuséiert gëtt, besteet fir Aarbechtssichender d'Méiglechkeet bei den Offices sociaux eng Demande fir de REVIS ze stellen. Wëssend, datt et sech ëm eng Gemengekompetenz handelt, goufe vun der Regierung Mesure getraff, fir d'Prozedur vun der Demande ob de REVIS z'acceleréieren?
2. Wat ass aktuell d'Situatioun vun deenen Employéen, déi ee CDD/Interimskontrakt mat vun enger Dauer vu manner wéi 6 Méint haten- déi deemno manner wéi 26 Woche cotiséiert hunn - an deen hire Kontrakt während dem Etat de Crise ausleeft? Ass fir dës Employéen, opgrond vun den aktuellen Ëmstänn, ee Recht op Chômage, Chômage partiel, Revis oder soss eng Indemnitéit virgesinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député



www.piraten.lu